Reglement Nr 15 29.01.2013

Uniform an Ofzeechen

Fir dësen Text méi lieserlech ze maachen, si bei all Begréff, dee souwuel männlech wéi och weiblech ka sinn, all Kéier déi zwee Geschlechter gemengt, ausser et gëtt speziell präziséiert, z.B.: "Chef" = Chef oder Cheftaine.

1. Kleedungsstécker vun der Uniform

Déi komplett Uniform besteet aus :

1.1. Uniformshiem (Modell LGS) :

Gréngt Hiem, mat opbrodéierten Ofzeechen (Art. 3.1, Art. 3.2 an Art. 3.3).

1.2. Foulard (Modell LGS) :

Bloe Foulard mat Bord a verschiddene Faarwen :

- turquoise fir Biber ; turquoise a wäiss fir Biberchef
- giel fir Wëllefcher ; giel a wäiss fir Wëllefcherschef
- mof fir AvEx ; mof a wäiss fir AvEx-Chef
- rout fir CaraPio ; rout a wäiss fir CaraPio-Chef
- beige fir RaRo ; beige a wäiss fir RaRo-Chef
- donkelgro fir Membere vum Grupperot, déi net Chef sinn, a fir Albatrossen
- donkelgro a wäiss fir Gruppechef a Gruppechef adjoints
- wäiss fir Commissairen an aner Membere vum Verbandsgrupp
- gréng fir Mataarbechter

Um rietse Bord ass "Lëtzebuerg" schwaarz opbrodéiert.

Bei de Foularde fir Chef ass de wäisse Bord op der rietser Säit.

D'Branche-Foularde mat wäissem Bord kënnen och vu Stagiär-Chef a Mataarbechter ouni Ernennung gedroe ginn.

De Foulard gëtt duerch e Foulardsrank oder e Knuet zesummegehal.

De Foulard kann ouni d'Uniformshiem gedroe ginn.

1.3 Blo Box oder blo Jüpp.

2. Aner Kleedungsstécker

2.1. Biber kënnen alternativ zum Uniformshiem den T-Shirt vun de Biber (Modell LGS) droen :

Gréngen T-Shirt mat engem wäisse Biber um Réck opgedréckt.

Op dësen T-Shirt kënnen Ofzeeche gebitzt ginn.

2.2. Rimm (Modell LGS) :

Bronge Liederrimm mat metallener Block mam Verbandsofzeechen.

2.3. Zousätzlech zum Art. 1 kënnen nach aner Kleedungsstécker als Uniformsdeeler bestëmmt ginn :

- um nationale Plang, duerch de Verbandscomité oder eng Ekipp vum Verbandsgrupp
- un regionale Plang, duerch eng Regionalekipp
- um lokale Plang, duerch de Grupperot

Dës aner Kleedungsstécker kënnen d'Kleedungsstécker vum Art. 1 net ersetzen.

3. Ofzeeche vun der Uniform

3.1. Verbandsofzeechen (Modell LGS) :

- gréngt Kléiblat, mof Fleur de Lys, gielt Kräiz, 2 giel Stären an engem wäisse Bord
  - ➢ op der lénkser Täsch vum Uniformshiem opbrodéiert

3.2. "LUXEMBOURG"-Schrëftzuch (Modell LGS) :

- wäiss Schrëft
  - ➢ um Deckel vun der lénkser Täsch vum Uniformshiem opbrodéiert

3.3 Logoe vu WAGGGS a WOSM (Modell WAGGGS, respektiv WOSM) :

- gielt WAGGGS-Kléiblat op bloem Fong a wäiss WOSM-Fleur de Lys op mofem Fong
  - ➢ uewen um rietsen Aarm vum Uniformshiem opbrodéiert

3.4. Gruppenofzeechen (Modell LGS) :

- Donkelblot Band aus Stoft, mat gieler brodéierter Schrëft :
  - Member vun engem lokale Grupp : Uertschaft an Numm vum Grupp
  - Member vum Verbandsgrupp : "VERBANDSGRUPP"
- ➢ um rietsen Aarm vum Uniformshiem, iwwert de Logoe vu WAGGGS a WOSM

3.5. Verspriechens- an Engagementsofzeechen (Modell LGS) :

3.5.1. Verspriechensofzeeche vun de Branchen :

- ronn Badger aus Stoft :
  - Biber : brodéierte Biber-Kapp op turquoisem Fong
  - Wëllefcher : brodéierte giele Wëllefchserkapp op brongem Fong
  - AvEx : brodéiert Zelt a Feier op mofem Fong
  - CaraPio : brodéierte Kompass op roudem Fong
  - RaRo : brodéiert Weltkugel op bloem Fong
- ➢ zesummenhängend vu riets no lénks, iwwert der rietser Täsch vum Uniformshiem

3.5.2 Engagementsofzeeche fir Chef :

- ovale Badge aus Stoft, mat enger brodéierter Hand, déi de Guiden- a Scoutsgrouss mécht, op wäissem Fong
- ➢ op der rietser Täsch vum Uniformshiem

3.6. Branchelogoen an Ofzeeche vum perséinleche Fortschrëtt (Modell LGS) :

Um Uniformshiem ginn d'Logoe vun de Branchen um rietsen Aarm gedroen, ënnert de Logoe vu WAGGGS a WOSM. D'Ofzeeche vum perséinleche Fortschrëtt ginn um lénksen Aarm vum Uniformshiem gedroen.

3.6.1. Biber

- Biber-Badge : ronne Badge aus Stoft mat engem brodéierte Biber op wäissem Fong
- ➢ um rietsen Aarm vum Uniformshiem, ënnert de Logoe vu WAGGGS a WOSM

3.6.2. Wëllefcher

- Pisten : wäiss Wollefspatt aus Stoft mat véier faarwege Krallen
- ➢ um lénksen Aarm vum Uniformshiem, ënnert der Schëllernout

3.6.3. AvEx

- AvEx-Logo : op Stoft brodéiert
  - ➢ um rietsen Aarm vum Uniformshiem, ënnert de Logoe vu WAGGGS a WOSM
- AvEx-Start : beige Foulardsrank aus Lieder mam Matmaacher-Logo (2 Hänn, déi sech paken)
- AvEx-Badger : brodéiert Symboler op ronnem faarwegem Feld aus Stoft
  - ➢ a Reie vun 2 um lénksen Aarm vum Uniformshiem
- AvEx-Brevet : Matmaacher-Logo op ronnem faarwege Pin aus Metall
  - ➢ um Foulardsrank vum AvEx-Start

3.6.4. CaraPio

- CaraPio-Logo : op Stoft brodéiert
  - ➢ um rietsen Aarm, ënnert de Logoe vu WAGGGS a WOSM
- CaraPio-Wandrous : schwaarz brodéiert Wandrous, op gielem Fong aus Stoft
  - ➢ um lénksen Aarm vum Uniformshiem, ënnert der Schëllernout

3.6.5. RaRo

- RaRo-Logo : ronne Badge, wäiss brodéiert op bloem Fong aus Stoft
  - ➢ um riesten Aarm vum Uniformshiem, ënnert de Logoe vu WAGGGS a WOSM
- Scout of the World Award (Modell WOSM) : ronne Badge aus Stoft
  - ➢ um lénksen Aarm vum Uniformshiem

3.6.6. Welt-Scout Ëmwelt Programm (Modell WOSM) :

- Biber a Wëllefcher : ronne Badge aus Stoft mat bloem Bord
- AvEx : ronne Badge aus Stoft mat gréngem Bord
- CaraPio a RaRo : ronne Badge aus Stoft mat mofem Bord
  - ➢ um lénksen Aarm vum Uniformshiem

3.7. Albatrossen (Modell LGS) :

- ronne Badge aus Stoft mat brodéiertem Albatrosse-Logo
  - ➢ um Foulard fir Albatrossen

3.8. Formatiounsofzeeche fir Chef :

3.8.1. Ofzeeche fir d'ofgeschlosse Formatioun vum 1. Zyklus (Modell LGS) :

- Foulardsrank aus Lieder mam Verbandsofzeechen
  - ➢ un engem Foulard fir Chef
- Dëst Ofzeeche gëtt vum zoustännege Gruppechechef iwwerreecht, nodeems de betraffene Chef fir d'éischte Kéier eng Ernennung als Assistent krut. Déi genee Modalitéiten heifir ginn am Dossier fir Gruppechef festgeluecht.

3.8.2. Ofzeeche fir d'ofgeschlosse Formatioun vum 2. Zyklus (Modell LGS) :

- Pin aus Email op Metall mam Verbandsofzeechen
  - ➢ um Foulardsrank fir d'ofgeschlosse Formatioun vum 1. Zyklus
- Dëst Ofzeeche gëtt vum zoustännege Gruppechechef iwwerreecht, nodeems de betraffene Chef fir d'éischte Kéier eng Ernennung als Branchechef, respektiv als Gruppechef oder Gruppechef adjoint, krut. Déi genee Modalitéiten heifir ginn am Dossier fir Gruppechef festgeluecht.

3.8.3. Ofzeeche fir d'ofgeschlosse Formatioun vum 3. Zyklus (Woodbadge - Modell WOSM) :

- Gilwell-Foulard, Gilwell-Foulardsrank aus Lieder a Liederstréckel mat 2, 3 oder 4 Krellen aus Holz.
- De Gilwell-Foulard kann amplaz vum LGS-Foulard gedroe ginn.
- D'Modalitéite fir d'Erlaange vun dësem Ofzeeche sinn am Reglement Nr 02 festgeluecht.

3.9. Gamma-Ofzeechen (Modell LGS) :

- Gamma-Logo, wäiss brodéiert, op schwaarzem Fong aus Stoft
- ➢ um rietsen Aarm vum Uniformshiem, ënnert de Logoe vu WAGGGS a WOSM

3.10. Ofzeeche vun de Foulards blancs :

- wäisse Foulard, mat oder ouni blo Opschrëft "NDL"
- Dëse Foulard kann amplaz vum LGS-Foulard gedroe ginn.

3.11. Verdéngschtofzeechen (Modell LGS) :

- sëlwer oder gëllene, ronne Pin aus Metall mam Verbandsofzeechen
- ➢ um Deckel vun der rietser Täsch vum Uniformshiem, kann och op privater Kleedung gedroe ginn
- D'Modalitéite fir d'Iwwerreeche vum Verdéngschtofzeeche sinn am Reglement Nr 16 festgeluecht.

3.12. Auszeechnunge vun auslännesche Guiden- a Scoutsverbänn an de Weltverbänn

- ➢ ginn esou gedroe wéi d'Auszeechnung et verlaangt

3.13. Spezialbadger an -ofzeechen

Zousätzlech Spezialbadger an -ofzeechen (Camp, Roude Fuedem, Anniversaire asw.) kënnen editéiert ginn

- um nationale Plang, duerch de Verbandscomité oder eng Ekipp vum Verbandsgrupp
- un regionale Plang, duerch eng Regionalekipp
- um lokale Plang, duerch de Grupperot oder eng Chefekipp

- ➢ déi zoustänneg Instanz decidéiert, wou dëst Ofzeechen ze droen ass

4. Aner Bestëmmungen

4.1. Bei alle Kleedungsstécker an Ofzeeche vun der Uniform, wou dat speziell an dësem Reglement vermierkt ass, ass de Modell LGS, respektiv de Modell WAGGGS oder WOSM obligatoresch.

De Verbandscomité leet de Modell LGS fest.

Dës Uniformsdeeler kritt een nëmmen am Shop vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten ze kafen.

4.2. All Uniformsdeeler, déi typesch fir eng Branche sinn, ausser d'Verspriechensofzeechen, sollen ofgeluecht ginn, wann een déi Branche verléisst.

D'Chef droe keng Ofzeechen déi zum perséinleche Fortschrëtt vun de Branche gehéieren.

4.3. D'Ofzeeche vum perséinleche Fortschrëtt an d'Verspriechensofzeeche kritt een nëmme géint Virweise vun enger valabler Chefkaart am Shop ze kafen.

D'Modalitéite fir d'Erlaange vun dësen Ofzeeche ginn an der Method vun der jeeweilger Branche festgeluecht.

4.4. D'Formatiounsofzeechen an d'Verdéngschtofzeeche ginn net am Shop verkaft. Si gi vun der zoustänneger Instanz iwwerreecht.

D'Gruppechef kréien d'Formatiounsofzeeche vum 1. an 2. Zyklus, eemoleg fir all Chef, gratis vum Verband zur Verfügung gestalt.

4.5. Dëst Reglement ersetzt d'Bestëmmunge vum d'Reglement Nr 15 vum 17.03.2009, dat heiduerch opgehuewen ass.